# Home : Waasser

D‘ **Waasser vum Liewen**, esou heecht et «rien ne se créee, rien ne se perd, tout se transforme»: **Waasser fir ze drénke, fir ze kache, fir ze wäsche, fir Ais ze man, fir ze killen, fir ze botze a fir d’Sanitäre. A fir ze spille, fir sech ze amuséiere.** Grad bei de Guiden a Scoute ass all Dimensioun vum Waasserverbrauch vertruede: de Bidon opfälle fir op den Hike, Spaghettiswaasser kache, spullen, den Zeltbuedem schruppen an eng Waasserschlacht. Voilà, all Dimensioun huet seng Plaz. Och wann d’Waasserschlacht a priori net Waasser spuere heecht, esou kann ee mat e puer sënnvolle Geste d’Freed heidrunner erlabe.

**Krunnewaasser** als Drénkwaasser huele amplaz Waasser aus der Fläsch.

Naturschwämp huele fir d’Waasserschlacht am Summer déi een an en Eemer zapt amplaz Waasserbomme aus Loftballone mat Waasser gefëllt wou henno och nach de Kunststoff iwwerall d’Natur verschambléiert .

Modern Toilette an Druckergarniture bei de Lavaboe hellefe den **iwwerflëssege Duurchfloss** vu Waasser  an de Sanitärräim ze reduzéiere.  E Waasserkrunn fir sech d’Hänn ze wäsche soll net méi wi 6 Liter Durchfloss d’Minutt hun, e Krunn an enger Kichen maximal 12 Liter d’Minutt. Krinn di drëpsen flécken oder ersetzen.

**Léiere wéi ee spullt** - also nët ënnert lafendem Krunn - **a wéi ee sech d’Zänn botzt oder d’Hänn wäscht** – och nët ëmmer néidegerweis ennert lafendem Krunn - hëllefen de Waasserkonsum erofzesetze.

Eng **Reewaasseranlag** kann sënnvoll genotzt ginn fir ze nätzen oder fir d’Toilette ze bedréiwen.  Wéi esou dachs muss ee sech ower och bewosst sinn, datt d’Uschaffung vun Reewaasseranlagen déier sinn, e gewësse Ënnerhalt verlaange an bei klénge Scoutszentre sech kaum rechnen;  bei groussen Zentren ass de Problem,  datt net nët genuch Kapazitéit do ass an esouguer 10 bis 20 Fudder Reewaasser si séier verbraucht, esou datt henno ower Drénkwaasser iwwert deier Reglungstechnik muss agespeist ginn.

**E verstännege Emgank mat enger vun de waertvollste Ressource** di aise Planéit huet ass vläicht di mi nohalteg Haltung. „3-Minute-Havana-Duschen“ houch et dachs a subtropesche Länner mat Waassermanktem: sech nas man, aseefe, ofschwenke, faerdeg.  Op Weekender a Camp’en kann ee mat feste Duschzaite vill Waasser spuere, onnéidegt laangt Dusche verhënnere an net gidferee muss sech all Dag dusche, um  Camp scho guer nët. D’Ope Schwämm ass jo och nach do ;-=)!


> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu



*Home : Waasser, Editioun vum 18. September 2021*